VIRLIES-CONCOURS 2018

Courage

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



copyright: Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
rédaction: Anne-Marie Antony, Eugenie Graff-Schaus
SCRIPT
Edupôle Walferdange, BP 98, L-7201 Bereldange

tél.: 247-85184
illustration: Marina Herber
photos: Pol Linden, SCRIPT-DPAV
internet: http://www.script.lu

Virwuert

Mir haten all scho mol Momenter, wou mir Angscht haten : virun engem Déier, enger Prüfung, enger Persoun, enger Situatioun ....Wa mir eis der Angscht gestallt hunn a Courage gewisen hunn, dann hu mir eis meescht besser gefillt.

Courage kann een a kuerze Momenter hu wann een d'Spann upéckt déi een eigentlech fäert, wann ee sech fir d'éischt traut an de Schwammbaseng ze sprangen, wann een engem seet datt een e gär huet ... oder bei méi grousse Saachen, eigentlech ëmmer dann, wann ee weess datt eng Aufgab schwiereg ass, een se awer ugeet an hier net auswäicht.

Courage brauch ee fir säin eegent Liewen, awer et kann een och couragéiert fir aner Persounen antrieden déi méi schwaach sinn, oder et kann een Zivilcourage weisen a sech géint Ongerechtegkeeten asetzen. Hei zu Lëtzebuerg kann een dat fräi maachen, a munch anere Länner wou Krich ass oder Fräiheet feelt, brauch ee fir esou e Verhalen enorm vill **Courage**.

Wann anerer engem säi couragéiert Verhale matkréien, da fillt ee sech eventuell wéi en Held. Zu aner Momenter awer weess ee just selwer, dat een elo seng Angscht virun eppes iwwerwonnen huet.

Et fënnt ee vill Kannerbicher déi couragéiert Personnage weisen : e Pippi wat sech vill traut, en Anne Frank dat am Krich weider vu senger Zukunft dreemt, gutt Zauberer déi sech géint dat Béist wieren, d'Malala dat sech d'Rechter vun de Meedercher asetzt etc.

An de Schoulbibliothéike gëtt et sécher ganz vill flott Bicher zu dësem Thema ze entdecken.

Et kann erëm an den dräi Schoulsprooche virgelies ginn: Däitsch, Lëtzebuergesch a Franséisch.
D'Finale ass dëst Joer dënsdes, de 26. Juni 2018 zu Miersch am Kulturhaus.

Dem Virlies-Concours 2018 wënschen ech e grousse Succès an all deenen, déi matmaachen, vill Spaass.

En häerzleche Merci soen ech deenen, déi op déi eng oder aner Manéier beim Concours hëllefen.

Claude Meisch
Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend

FINALE 2017

Wéi leeft de Concours of ?

1. Etapp : An der Klass

An de Klasse vum Cycle 4 ginn déi bescht VirlieserInnen ermëttelt.

2. Etapp: Am Schoulgebäi

Ënnert de Klassebeschte gëtt an der zweeter Etapp de beschte Virlieser/déi bescht Virlieserin aus dem **Schoulgebai** ermëttelt.

Et ass de Schoulbibliothecairen an den Enseignanten iwwerlooss, wéi si de Concours innerhalb vun hirer Klass / hirem Gebai wëllen organiséieren.

D'Schoulbibliothecairë mellen **dat Kand, dat an hirem Gebai gewonnen huet**, beim SCRIPT, mat dem **Online-Formulaire** hannen an der Broschür, **oder per Mail** mat den Informatiounen, déi um Formulaire gefrot sinn.

Gemellt sin muss d'Kand **bis spéitstens de 30. Mäerz 2018.**

3.Etapp: Halleffinallen an der Regioun

Enn Mee – Ufank Juni organiséieren d'Schoulbibliothecairen aus de15 Regiounen, am beschten am Team, déi regional Halleffinallen. Si kréien dofir all néideg Informatiounen vum SCRIPT zougeschéckt.

Ee vun de Schoulbibliothecairen aus der Regioun soll als Kontaktpersoun genannt ginn, fir datt d'Finale vum SCRIPT kann organiséiert ginn.

Dës Kontaktpersoun mellt de **Gewënner vun der Halleffinale** per Mail beim SCRIPT, **bis spéitstens den 1. Juni 2018.**

4. Etapp: D'Finale zu Miersch

D'Finale ass dëst Joër en Dënschdeg, de 26. Juni 2018 nees am Kulturhaus zu Miersch.

All Kand liest an der Finale säi bekannten, an och en onbekannten Text.

Dësen Iwwerraschungstext, deen net virdru kann ugekuckt ginn, ass an därselwechter Sprooch wéi den Text, deen d'Kand als bekannten Text virgedroen huet.

Den Timing vum Virliese muss ganz strikt agehale ginn:

- **3 Minutte fir de bekannten Text**
- **2 Minutte fir den onbekannten Text**

D'Finale vum 26. Juni 2018 gëtt vun engem kulturelle Programm encadréiert.

Wat gëtt gelies?

D'Kanner siche sech en Text zum Thema eraus

D'Thema vum Virliesconcours 2018 ass:

Courage

Wat ass Courage?
Wéini a fir wien ass ee couragéiert?
Ass een en Held wann ee Courage weist?
Wéi ass et mam Zivilcourage?
....

Am Virwuert vun dëser Broschür ass d'Thema nach méi explizit ugeschwat.

Beim Virliesconcours kann an enger vun den dräi Schoulsprooche virgelies ginn: Däitsch, Franséisch oder Lëtzebuergesch.

Zougelooss sinn nëmme Kanner-a Jugendbicher, keen E-Book, keng Zäitschrëft a keng Fotokopie a kee Schoulbuch. Gedichter an Theaterstécker sinn och net erlaabt.

D'Schoulbibliothecairen an d'Enseignantë sollen d'Kanner bei der Auswiel vun de Bicher an de passenden Extraite ënnerstëtzen. Zesumme kucke si, ob d'Buch dem Alter vum Kand entsprécht, a si sichen eng Plaz am Text eraus, déi dem Thema gerecht gëtt a sech gutt eegent, fir virgelies ze ginn.

D'Lieszäit ass maximal 3 Minutten. Weider hannen an der Broschür sti Kritären, déi et erlaben, d'Liesen ze bewäerten.

De Jury proposéiert en Iwwerraschungstext

Fir datt sech am Concours e Gewënner/eng Gewënnerin erausschiele kann, gëtt et och en Iwwerraschungstext, deen net virdru kann ugekuckt ginn.

Dësen Iwwerraschungstext liesen d'Kanner an därselwechter Sprooch wéi hire bekannten Text.

Hei ass d'Lieszäit 2 Minutten.

Wie bewäert d'Virliesen?

Op deenen zwee éischten Niveaue kënne Léierpersounen, Bibliothecairen a Kanner am Jury sinn, um drëtten Niveau kënne Membere vun der Regionaldirektioun derbaikommen.

An der Finale sinn et Leit aus dem Bicher-a Kulturmilieu: Schoul, Librairie, Bibliothéik, Theater, ……

D'Decisioun vun der Jury kann net ugefecht ginn. De Rechtswee ass ausgeschloss.

Wéi gëtt d'Virliese bewäert?

Beim Virliesconcours geet et net nëmmen drëm, ouni Feeler virzeliesen. Bei der Bewäertung spillen dës Kritären eng Roll:

1. Technik vum Liesen

Liest d'Kand flësseg, schwätzt hatt däitlech aus, betount hatt sënngeméiss? Hält hatt Liespause richteg an (Komma, Punkt ..)? Liest hatt am richtegen Tempo, an der richteger Lautstäerkt? Kleng Verspriecher ginn hei net iwwerbewäert.

2. Textverständnis an Textgestaltung

Mierkt een, datt d'Kand den Text verstanen huet? Setzt hatt d'Stëmm gutt an, fir den Text ze gestalten, (keng iwwerdriwwe Schauspielerei!)? Geléngt et him, d'Stëmmung vum Text gutt erëmzeginn? Entsteet e Kontakt zum Publikum?

Awer och:

Gëtt den Extrait dem Thema gerecht? Ass d'Lieszäit gutt geplangt? Entsprécht den Text dem Alter vum Kand?

Wat gëtt et ze gewannen?

Um Niveau 3 a 4 gëtt et Bicherpräisser ze gewannen. De Gewënner vun der Finale kritt e Buch an e Bicherscheck.

Fir weider Informatiounen:

anne-marie.antony@men.lu

Tel.: 247-85184

eugenie.schaus@men.lu

Formulaire w.e.g. eraschécke bis den 30. Mäerz 2018

ONLINE-Formulaire: https://cgie.formstack.com/forms/virliesconcours_2018

Kand	
Numm a Virnumm	
Cycle	
Hausnummer, Strooss	
Plz an Uertschaft	

Schoul	
Numm	
Hausnummer a Strooss	
Plz an Uertschaft	
Tel	
Gemeng	
Regionaldirekter	
Unzuel vu Kanner, déi am Schoulgebai matgemaach hunn	

Léierpersoun	
Numm	
Email	

Schoulbibliothecaire	
Numm	
Email	

Buch	
Titel	
Auteur	
Verlag	
ISBN	